N°2173
Entrée le 02.04.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 02.04.2025
Chambre des Députés

**Här Claude Wiseler**

President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 1. Abrëll 2025

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro iwwert **d'Aféierung vun der drëtter Sportsstonn op Cinquième a Sixième** un den **Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend** weiderzeleeden.

De 24. Februar 2025 huet den Educatiounsminister annoncéiert, dass am Secondaire Classique a Général eng zousätzlech Stonn Sport fir d'Klasse vu 6e a 5e an de Stonneplang integréiert wäert ginn. Fir d'6e-Klasse wäert dëst ab der Rentrée 2025/2026 de Fall sinn, fir d'5e-Klassen ab der Rentrée 2026/2027.

Eisen Informatiounen no ginn et eng Rei Lycéeën am Land, déi elo scho mat de Sportsstonnen un d'Limitte vun hiren Infrastrukturen komm sinn.

Donieft gëtt et och Klassen an de betraffenen Alterskategorien, déi aktuell manner wéi zwou Sportsstonnen hunn. Sou hunn d'Lycéeën am Kader vun hirer Autonomie zum Beispill d'Méiglechkeet, fir fir verschidde Klassen Adaptatioune vu Stonnepläng virzehuelen. Dëst kann zum Beispill am Kader vun de "Français Plus"- an "ALLET"-Klasse geschéien, wou eng Sportsstonn fir zousätzleche Sproochenunterrecht ka wechfalen.

Mat der Auswäitung op dräi Stonne Sport stellt sech d'Fro, wéi dës Schoule respektiv Klassen se sollen ëmsetzen, an ob net weider Schoule wäerten an d'Situatioun kommen, dass si déi virgeschriwwen Zuel vu Sportsstonnen net kënnen assuréieren.

Och an der Grondschoul ginn eisen Informatiounen no net an all Gemeng, respektiv net an all Schoul déi prinzipiell am Plan d'études virgesinne Stonne Sport ugebueden – entweeder, well net iwwerall genuch Sportinfrastrukturen zur Verfügung stinn, oder aus anere Grënn.

An dësem Kontext erlabe mir eis follgend Froen ze stellen :

1. **Kann den Här Minister bestätegen, dass net all d'Lycéeën am Land am Cycle inférieur déi an den reguläre "Grilles horaire" virgesinn Zuel u Sportsstonnen och effektiv ubidden? Wa jo, wéi eng Lycéeë respektiv wéi vill Klassen huelen aktuell eng Adaptatioun vun de "Grilles horaires" vir, bei deenen d'Zuel vun de Sportsstonne reduzéiert gëtt?**
2. **Wäerten all des Lycéeë respektiv Klassen an Zukunft op dräi Sportsstonne pro Woch mussen eropgoen? Wann net, wäerte si am Kader vun den adaptéierte "Grilles horaires" d'Méiglechkeet behalen, fir just eng Sportsstonn pro Woch unzebidden, oder gëlt an Zukunft e Minimum vun zwou Sportsstonnen?**
3. **Huet den Här Minister am Virfeld vun der Ukënnegung vun der drëtter Sportsstonn den Echange mat alle Lycéeë gesicht, fir sécher ze stellen, dass si**

**déi néideg Capacitéiten um Niveau vun den Infrastrukturen hunn? Falls nee, firwat net?**

4. **Falls et Lycéeë gëtt, déi net genuch Infrastrukture fir déi zousätzlech Sportsstonnen hunn, wéi gedenkt de Minister virzegoen?**
5. **Kann den Här Minister bestätegen, dass och an de Grondschoulen net iwwerall déi aktuell vum Plan d'études virgesinne Sportsstonnen effektiv offréiert ginn? Wa jo, huet hien e Relevé vun de Schoulen, déi betraff sinn a vun de jeeweilege Grënn fir d'Erofsetze vun de Sportsstonnen?**
6. **Mat den elo annoncéierten Erhéijunge wäert et esou sinn, dass am Cycle 4 manner Sportsstonne pro Woch virgesi sinn, wéi an de Cyclen dorënner respektiv am Cycle inférieur vum Secondaire. Gedenkt de Minister an Zukunft, d'Sportsstonnen och am Cycle 4 eropzesetzen? Wann net, firwat net?**

Mat déiwem Respekt,

**Djuna BERNARD**
Deputéiert

**Meris SEHOVIC**
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 2173 vun den honorabelen Deputéierten Djuna Bernard a Meris Sehovic**

1. **Kann den Här Minister bestätegen, dass net all d'Lycéeën am Land am Cycle inférieur déi an den reguläre "Grilles horaire" virgesinn Zuel u Sportsstonnen och effektiv ubidden? Wa jo, wéi eng Lycéeë respektiv wéi vill Klassen huelen aktuell eng Adaptatioun vun de "Grilles horaires" vir, bei deenen d'Zuel vun de Sportsstonne reduzéiert gëtt?**

   Par rapport zu der regulärer Grille des horaires ginn et am Enseignement secondaire classique (ESC) eng ganz Rei vun Erhéijunge vun der Unzuel vu Sportstonnen (an der Reegel ëm eng Leçon, sou zum Beispill a verschiddene Lycéeën op de sougenannte Sportsklassen); et fannen sech just vereenzelt Reduktioune vun der Unzuel u Sportstonnen.

   Am Enseignement secondaire général (ESG) ginn et weder signifikant Augmentatiounen nach Reduktioune vun der fixéierter Unzuel u Sportstonnen.

2. **Wäerten all des Lycéeë respektiv Klassen an Zukunft op dräi Sportsstonne pro Woch mussen eropgoen? Wann net, wäerte si am Kader vun den adaptéierte "Grilles horaires" d'Méiglechkeet behalen, fir just eng Sportsstonn pro Woch unzebidden, oder gëlt an Zukunft e Minimum vun zwou Sportsstonnen?**

   An Zukunft wäerten op alle Classes inférieures dräi Leçone Sport ugebuede ginn, souwuel am ESC wéi am ESG; d'Aféierung geschitt progressiv: 2025-2026 op 6e, 2026-2027 op 5e. Eng Ännerung vun der Unzuel u Sportstonnen am Kader vun der Autonomie ass net virgesinn.

3. **Huet den Här Minister am Virfeld vun der Ukënnegung vun der drëtter Sportsstonn den Echange mat alle Lycéeë gesicht, fir sécher ze stellen, dass si déi néideg Capacitéiten um Niveau vun den Infrastrukturen hunn? Falls nee, firwat net?**

   Am Virfeld si virun allem Lycéeë mat héije Schülerzuele befrot ginn, a Lycéeën, déi sech d'Infrastrukturen am Sport deelen (wéi zum Beispill um Geesseknäppchen). De Retour war insgesamt, datt et méiglech ass, eng weider Sportstonn unzebidden, virausgesat datt ee méi Material zur Verfügung gestalt kritt, fir och Coursen ausserhalb vun der Sportshal ze organiséieren.

4. **Falls et Lycéeë gëtt, déi net genuch Infrastrukture fir déi zousätzlech Sportsstonnen hunn, wéi gedenkt de Minister virzegoen?**

   D'Lycéeë konnten hir Besoine beim Service des infrastructures mellen. Et gi virun allem zousätzlech Vestiairë fir d'Schüler gebraucht, grad ewéi zousätzlecht Material (Mountainbikes, Fitnessgeräter, etc.). Verschidde Schoule gräifen op extern Strukturen zeréck (Sportshalen oder Aktivitéiten, déi an der Gemeng ugebuede ginn). Donieft ass de Service des infrastructures amgaang, de Bau vu moduläre Sportsanlagen ze analyséieren.

5. **Kann den Här Minister bestätegen, dass och an de Grondschoulen net iwwerall déi aktuell vum Plan d'études virgesinne Sportsstonnen effektiv offréiert ginn? Wa jo, huet hien e Relevé vun de Schoulen, déi betraff sinn a vun de jeeweilege Grënn fir d'Erofsetze vun de Sportsstonnen?**

D'Regionaldirektiounen hunn d'Situatioun am Enseignement fondamental analyséiert an hu festgestallt, datt an der grousser Majoritéit vun de Klassen déi am Plan d'études festgehalen Unzuel u Stonnen un Unterrecht am Fach *L'expression corporelle, la psychomotricité, les sports et la santé* assuréiert gëtt. Et ass allerdéngs esou, datt dëst Fach net ëmmer op déi traditionell Aart a Weis ofgehale gëtt, mee zum Deel Aktivitéiten ugebuede ginn, déi geziilt un d'Schoulpopulatioun ugepasst sinn an net zwéngend an enger Turnhal oder Piscine stattfannen. Déi pedagogesch Equippe wäichen an dësem Zesummenhang op alternativ Plazen aus, wéi beispillsweis de Bësch, de Parc oder de Preau vun der Schoul, fir de Kanner ze weisen, datt Sport op ënnerschiddlech Aart a Weis an op ënnerschiddleche Plaze ka gelieft ginn. Dëst erlaabt et de Kanner och, fir innerhalb vun der Gemeng nei Plazen ze entdecken, op deenen si Sport kënne maachen.

Bei der Analys, déi vun de Regionaldirektiounen duerchgefouerter gouf,  gouf constatéiert, datt et vereenzelt Klassen an e puer Schoule gëtt, an deenen net déi integral am Plan d'études festgehalen Unzuel u Stonnen u Schoulsport offréiert gëtt an dëst aus organisatoresche Grënn, dorënner notamment feelend Disponibilitéiten an de Sportsinfrastrukturen. D'Regionaldirektioune si beméit, no Léisunge mat de lokale Partner ze sichen, fir datt duerch een Zeréckgräifen op alternativ Plazen an de Gemengen an all de Schoulen dee virgeschriwwene Pensum u Sports- a Beweegungsaktivitéiten ugebuede gëtt.

Schoulen, an deenen et vereenzelt Klasse ginn, an deenen net déi integral am Plan d'études festgehalen Unzuel u Stonnen u Schoulsport offréiert gëtt:

| ***Gemeng*** | ***Schoul*** |
|---|---|
| Beetebuerg | Schoulcampus am Duerf |
| Déifferdeng | École fondamentale Oberkorn |
| Diddeleng | École Boudersberg |
| Diddeleng | École Deich |
| Diddeleng | École Gaffelt |
| Diddeleng | École Strutzbierg |
| Mäertert | École fondamentale Pierre Frieden |
| Mäertert | École fondamentale Wasserbillig |

6. **Mat den elo annoncéierten Erhéijunge wäert et esou sinn, dass am Cycle 4 manner Sportsstonne pro Woch virgesi sinn, wéi an de Cyclen dorënner respektiv am Cycle inférieur vum Secondaire. Gedenkt de Minister an Zukunft, d'Sportsstonnen och am Cycle 4 eropzesetzen? Wann net, firwat net?**

Wéi beim Punkt 5 schonn erkläert, kann, nieft de klassesche Sport- respektiv Schwammcoursen, Beweegung och op eng manner traditionell Manéier gemaacht a gegeebenefalls och op eng transversal Aart a Weis an ënnerschiddleche Fächer praktizéiert ginn. Mäi Ministère schaaft an dësem Zesummenhang ëmmer erëm nei Offeren, déi d'Enseignantë mat hirer Klass kënnen ëmsetzen.

Hei wiere beispillsweis déi sougenannt *Beweegungspausen* ze nennen, déi am Kontext vum Lancement vum Projet „Bewegte Schule" 2014 agefouert goufen. Et handelt sech heibäi ëm Ënnerbriechunge vum Unterrecht an deene geziilt Beweegungsübunge gemaach ginn. Dës wierken enger noloossender Konzentratioun, Ermiddung, Onrou a Stress bei de Schüler entgéint.

Am Kader vun der Campagne zur *Screen-Life-Balance* gëtt ab September 2025 ausserdeem den Asaz vum *Beweegungstrolley* am Enseignement fondamental getest. De *Beweegungstrolley* erlaabt et de Klassen, ronn 80 Aktivitéiten autonom a mat neie Materialien ëmzesetzen. All Enseignant wielt an dësem Zesummenhang déi Aktivitéit aus, déi der verfügbarer Zäit, der Unzuel u Schüler an hirem Alter entsprécht. Zil ass et, à moyen terme eng ganz Rei vun thematesche Trollyen auszeschaffen, déi dann an de Schoulen am ganze Land kënnen zirkuléieren.

Eng weider Approche gëtt am Projet *De beweegleche Gank* ëmgesat. Mat engem Set vu spezielle Sticker, déi de SCRIPT entwéckelt huet, kann all Gank an all Schoul oder Maison relais an en aktive Pauseraum oder Aktivitéitsberäich verwandelt ginn. Esou kann e Schoulgank zu engem spilleresche Parcours ginn, dee gläichzäiteg d'Beweegung an d'Kreativitéit ferdert.

De Wiessel tëschent rouegen a beweegte Phasen ass méi léierfrëndlech a schülergerecht a kann den Unterrecht beliewen. Den Titulaire de classe plangt an dësem Zesummenhang, jee no Besoin vun der Klass, esou Pausen an. Grad bei de Schüler aus dem Cycle 4 ass d'Ëmsetzung vun dësen Aktivitéite méi spontan a flexibel méiglech, well d'Transitiounsphas tëscht den Aktivitéiten hei méi kuerz ass. Ech sinn an dësem Zesummenhang zouversiichtlech, datt déi drëtt Sportsstonn am Kader vun transversalen Aktivitéiten am Cycle 4 ausgeglach gëtt.

Lëtzebuerg, den 13. Mee 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH